

Zeitung vum 'natur musée' fir jonk Leit

De Panewippchen

N°93 4/2010

Dës Nummer gouf gemaach an
Zesummenaarbecht mam
Ministère de la Santé,
Division de la
Médecine préventive et sociale



'natur musée' - 25, rue Münster -
L-2160 Lëtzebuerg - Tel.: 462233 450



www.naturmusee.lu
www.panda-club.lu

De Panewippchen gëtt ënnerstëtzt:
Ministère de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche -
Musée national d'histoire naturelle -
Ministère de la Famille et de l'Intégration - Service National de la Jeunesse -
Ministère du Développement durable et des Infrastructures -
Administration de la Nature et des Forêts - Administration de l'Environnement -
Ministère de la Santé -
Ministère de l'Intérieur et à la Grande Région, Administration de la gestion de l'eau -
Ministère de l'Education nationale et de la Formation professionnelle

WUPP NEWS

Impressum:

Redaktionscomité:

S. Backes, C. Brochmann, J. de la Gardelle, S. Goerens, C. Greisen, M. Grosbusch, M. Hagen, S. Hagen, C. Heidt, M. Hoffmann, M. Kirsch, S. Majerus, M. Reichard, F. Theisen, M. Ursone, Y. Wagener.

Texter:

J. de la Gardelle, S. Goerens, M. Hagen, S. Hagen, C. Heidt, M. Kirsch, P. Michaely, M. Ursone.

Grafik an Illustratioun:

S. Goerens, M. Hagen, S. Hagen.

Fotoen:

©'naturmusée', M. Pazos, J. Schock, V. Wildgen.

Wëssenschafleche Rot:

Gesondheitsministère.

Bicher



Hei ass eng super flott Serie vu Bicher, déi op ganz vill Froen äntwert, wéi z.B.:
 si Fësch wierklech stumm? Neen, verschidde Fësch sinn esou haart, datt d'Seegeler op hieer Boter nuets net kënnen schlofen!
 Sind Fische wirklich stumm? Isbn-13 978 3867757003
 Wie entstand das Rad? Isbn-13 978 3867756976
 Warum dreht sich die Erde? Isbn-13 978 3867756969
 Können Ohren pfeifen? Isbn-13 978 3867756983

DEZEMBER-MÄERZ

am 'natur musée'

Affaire de goût Geschmackssache

am 'natur musée'
vum 24. September 2010 bis den 13. Februar 2011

Du mengs, mat de Geschmaacher séiss, sauer, batter a salzeg wier et gedoen? An och nach datt jiddferen dat selwecht dorënner versteef?

Dann hues Du dech iewer ferm an d'Zong gebass, well bis elo huet d'Wëssenschaft schonns 6 Goüten erausfonnt déi a ville Nuancë virkommen an all Mënsch schmaacht si liicht anescht.

Komm mat Kollegen a Famill deng Papillen testen, mir hunn eng 40 interaktiv Geschmaachs-Experimenter opbegaut, dat Ganzt op zwou Zongen (pardon: Sproochen), Däitsch a Franséisch.

Just eent muss de matbréngen: Zäit! Net well eis Ausstellung laang wier, mä well si Spaass mécht, well een direkt iwwer dat Erlieten an d'Gespréich kënnt. Deng kleng Geschwëster (bis 6 Joer) kënnen nieft der Expo op der Maartplaz spillen, beim Bäcker, um Geméisstand, beim Metzler, um Fëschstand. An där Zäit kanns Du Dir eis Expo esou richtig op der Zong zergoe loossen.



Internetsite

op dëser Adresse fënns du alles iwwer 'Grotte vu Lascaux a Frankräich:

<http://www.lascaux.culture.fr/>



Wéini sinn d'Grotten entdeckt ginn? Wéi al si se? Firwat dierf een net méi an d'Grotten eran? Wat ass Lascaux II?

Op all dës Froe kriss du eng Äntwert. Du kanns suguer eng virtuel Rees duerch dës Grotte maachen an all déi wonnerschéi Molereie bewonneren.



Nach e flott Buch



Isbn-13: 978 390 7588369



Et war eng Kéier e Léif, dee konnt net schreiwen. Mä dat huet de Léif awer net gestéiert, well de Léif konnt jo

brëllen an d'Zänn weisen. A méi brauch e Léif jo net. Mä enges Daags gesäit hien eng Léiwin, déi am gaang ass ze liesen ... sou fänkt dës flott Geschicht un.



LIEWEG VUVUZELAËN?



NEE WAT HUNN ECH DE LATZ!

WAT ASS DIR DANN IWWERT D'LIEWER GELAF, KORMORAN?



DE MËNSCH HUET D'BAACHE MAT ALL MËGLECHE SAUEREIE VERGËFT, SOU DATT DO BAL KENG DEIERE MËI LIEWE KËNNEN. MÄ ECH GINN AWER BESCHËLLEGT ALL D'FËSCH GEFRIESS ZE HUNN!



KLO NET SOU VILL. WELL ONS NILGÄNSEN GEET ET NET VILL BESSER.



DAT VERSTINN ECH NET. OP DENGEM MENÜ STINN DACH JUST PLANZEN AN HEIANSDO INSEKTEN, MÄ KENG FËSCH.




MIR GI BESCHËLLEGT ENG GEFOR FIR D'WAASSERVULLEN ZE SINN. AN DAT WELL E PUER VULLEMETTIE GESINN HUNN, WËI MIR AN DER BRUTZÄIT E PUER INTEN AUS ONSEM REVËIER GEJOT HUNN. MÄ WIE WELL SCHONNS ANDAUERND VUM NOPER AN D'NASCHT GEKUCKT KRËIEN?



PEFF! MÄIN NASCHT LÄIT OCH VILL BESSER DOHANNEN!!!




DO HU MIR AWER KEE PROBLEM DOMAT, WELL ONS NÄSCHTER STINN ËMMER GANZ NO BEIENEEN. MÄ IWWERHAAPT, ECH HUNN DECH NACH NI HEI GESINN. BASS DU OCH EN TOURIST? ECH WUNNEN AN DÄNEMARK A KOMME JUST AM WANTER OP LËTZEBUERG.



DÄNEMARK

LËTZEBUERG

ONS URURBOPHEN HUNN NACH AN AFRIKA UM NIL GELIEFT. FRËIER WARE MIR DO ESOU GUER HELLEG VULLEN, WELL MIR MAT ONSER STËMM, DËI BAL WËI ENG VUVUZELA KLËNGT, D'WELT AUS DER DÄISCHTERT AN D'LUUCHT GERUFF HUNN. VLÄICHT HUNN DOFIR E PUER LEIT NILGÄNSEN AN EUROPA ENTFOUERT.



MËTTELMËER

SCHWARZT MËER

NIL

ÄGYPTEN



BASS DU ALSO DIREKT AUS AFRIKA OP LËTZEBUERG GESCHLEEFT GINN?


HOLLAND

LËTZEBUERG

NEEN, AN HOLLAND KONNTE VIRUN 30-40 JOER E PUER NILGÄNSEN AUS HIRE PRISONGE FORTLAFEN A SECH LUES A LUES AN EUROPA AUSBREEDEN. AN ESOU SI MIR ALSO SÄIT E PUER JOER OCH ZU LËTZEBUERG UKOMM. A SCHONNS SI MIR FIR E PUER MËNSCHE MONSTEREN.



BEI ONS WAR ET GENEE D'SELWECHT. MIR WAREN AN EUROPA BAL AUSGESTUERWEN. VIRUN 30 JOER SI MIR ËNNER NATURSCHUTZ GESTALT GINN A MIR KONNTEN ERËM ONS AL PLAZEN ZRËCK EROBEREN. A SCHONNS ASS D'GEJÄIZ RËM LASS GAANG. MÄ WËI SOT MÄI BOPA ËMMER: GËINT D'DOMMHEET VUM MËNSCH ASS NACH KEE KRAUT GEWUESS.



Vum Schof bis bei de Pullover

Wouhir kënnt d'Woll?

... vum Schof natierlech!



Awer net nëmmen! Och aner Mamendéiere liwwere Woll:

d'Kaschmir-Geessen liwweren de Kaschmir, d'Angora-Kanéngercher den Angora, d'Angora-Geessen de Mohair, d'Alpaka-Kaméil d'Alpaka-Woll. Alpakawoll ass iwwregens 5 mol méi waarm wéi déi normal Schofswoll an huet kee Wollfett (Lanolin). Dofir ass d'Alpakawoll fir déi Leit geeegent, déi op Woll allergesch reagéieren.



Je no Rass vum Schof kritt een eng aner Zort Woll:

z.B. d'Schottescht Schof liwwert déi déck schottesch Woll an d'Merino Schof déi fein Merino Woll.

Dës 2 Schofssrasse sinn all Kéiers duerch Kräizunge vu verschiddeenen anere Schofssrasse entstanden.




Wat ass Woll?

Woll ass en Naturprodukt.



D'Woll besteet aus asere vum Fell vu Mamendéieren, z.B. d' Schof.

D'Fasere bestinn aus Eewäisser (Keratin). Déi ginn der Woll hir speziell Eegenschaften:



- D'Woll gëtt net sou séier naass: d'Uewerfläch vun der Woll stéisst d'Waasser of; si kann 1/3 vun hirem Gewicht u Waasser ophuelen ouni sech fiicht unzeffillen.
 - D'Woll hält waarm: si isoléiert ganz gutt, d.h. si hält Temperatur vum Kierper, an dat suguer wa se naass ass.
 - Si brennt net, mä verkuelt.
 - D'Woll gëtt net séier knaschteg: si ass schmotzofweisend well de Keratin eng schuppeg Struktur huet an d'Stëbskären eraustransportéiert.
- D'Woll ass schons zënter 3000 Joer viru J.Christus bekannt.

Wéi kritt ee Woll?

Fir d'éischt ginn d'Schof geschuer an dat tëschent dem Fréijoer an dem Summer: Et knéit ee sech mam Schof nidder, hält de Kapp vum Déier fest a schneit da mat enger spezieller Schéier d'Fell erof.

Da gëtt dat ganzt Fell gewäsch a propper gemaach.



Duerno hëlt een aus dem grouse Stéck Fell e klenge Wollknäuel a kämmt e mat engem spezielle Kamm, der Kardätsche.



Duerno gëtt d'Woll mat dem Spannrade zu engem Fuedem gesponnen.



Äddi a Merci!

Wat mécht ee mat der Woll?

Mat dësem Fuedem kann een dann e Pullover strécken, Stoff wiewen (aus deem da Kleeder gebitzt ginn), Teppacher knéppen a Filz maachen. Am Buttek kann een d'Woll op Pelotten opgewéckelt a verschidde Dëckten a Faarwe kafen.

Stréck der e puer Stulpen!

Du brauchst: Woll fir mat N°5 ze strécken, e Spill Stréckeisen N°5 (oder 2 Eisen N°5)

Maach 46 Maschen a verdeel se op d'Eisen.

Stréck 3 cm fir de Bord: 1 rechts 1 lénks. Da stréck glatt rechts weider ongeféier 25-30 cm (mooss op dengem Been, wéi héich s de d'Stulpe wëlls).

Zum Schluss nach emol 3 cm 1 rechts 1 lénks. Maach all d'Maschen ewech. Déi Stulpe kanns du op 2 Säiten undoen.

Du kanns d'Stulpen och normal mat 2 Eise strécken, z. B. einfach 30 cm 2 rechts 2 lénks strécken (ouni Bord). Da muss du se herno just zesummebitzen.

a wéi wär et nach mat Mutz, Schal, ...?



Äiseg Zäiten



Lo ass se nees do: d'Zäit vu Schnéi an Äis. Mä, so Panewippchen, wat ass Äis dann eigentlech?

Ma all Kand weess dach, datt Äis gefruerent Waasser ass!

Fir wat kann een dann iwwert gefruere Waasser lafen an iwwert net gefruere Waasser net?



Net gefruerent Waasser: d'Drëpse sinn niewenteneen: Wann een draspréngt fléie se no riets an no lénks.

Gefruerent Waasser: d'Drëpse si kal, si kristalliséieren, huele sech fest an den Aarm a bilde soumadden en zolitt Netz: wann een dropspréngt bleiwe se zesummen.



Eigentlech rutsche mir net um Äis mee op engem hauchdënne Waasserfilm, dee sech um Äis gebild huet, ähnlech wéi wa mir op den nasse Plättercher an der Schwemm ausrutschen. Wat d'Temperatur méi erof geet, wat dëse Waasserfilm méi dënn gëtt; dëst erklärt och firwat e bei -40 Grad Celsius net ka Schlittschong fueren. Do ass de Film esou dënn, datt e gläich fréiert an doduercher pecht een ëmmer nees um Buedem un an et rutscht ee praktesch guer net.

D'Salz, wat mir op d'Äis geheien, vermëscht sech mat dem dënne Waasserfilm. Dat salzegt Waasser, wat mir da kréien, fréiert eréischt bei vill méi déiwen Temperaturen. Well déi iewesch Schicht vum Äis mam salzege Waasser a Beréierung ass, léist d'Äis sech lues a lues op a kann net méi fréieren, well d'Temperaturen net déif genuch sinn.

Fir wat rutsche mer um Äis?



Fir wat schmëlzt d'Äis, wa mir Salz drop geheien?



D'Äiskristalle loosen een deen anere lass, wa Salz bei si kënt.



experimentéieren



bastelen



kachen a brachen



Kñiwwe



Schöckelaskuch



Briech d'Kichelcher an eng Schossel (keng ze kleng Stécker).



Huwwel de Schöckela a kleng Stécker.



Réier d'Kiischten (an/oder d'gedréchent Uebst) an de Schöckela drénner.



Schmélz de Botter bei klenger Hétzt, géff den Zocker, de Kakaopudder an de Sirup derbäi.



Looss et e puer Minutte waarm ginn a réier gutt.



Tipp d'Kichelchersméschung dran a réier bis all di dréche Saache gutt vun der Schöckelazooss émgi sinn.



Dréck d'Méschung an eng Form, déi s de mat Frischhaltefolie ausgeluet hues, a sträich se glat mam Réck vun engem Löffel. Looss de Kuch am Frigo e puer Stonnen haart ginn.



Dee Kuch léisst sech gutt an enger Schmierkéscht mat huelen (kuck PW 2/2010 Säit 12&13)

6



«Digestive biscuit» gétt et am Supermarché.



Trick 1



Fal e Schäin (oder e Stéck Pobeier an där nämlecher Gréisst) wéi op der Foto (an S-Form). Huel zwou Bürosklameren a maach se um Pabeier fest wéi op der Foto.



Pak de Schäin op deenen zwou Säiten an zéi e riicht. (zéi net ze fest, soss rässt de Schäin)

D'Bürosklamere verbanne sech wa se zesummentreffen, a sprange matenee verbonnen an d'Loft. Du kanns diesen Trick och mat méi Bürosklamere probéieren.


Trick 2

Schneid zwou Sträife Pabeier.



Form dorauer zwee Réng a pech se fest. Pech déi zwee Réng op enger Plaz zesummen.

Wéi eng Form erschéngt, wanns du déi zwee Bänner an der Mëtt duerchsneids?



Text: Monique Kirsch



Säitjén



Hüttén, déi dämpfen



Eidelen Tetrapak, Schéier (Cutter), waasserfeste Stëft, Pech, Acrylfaarf, Pinsel, eidelt Dëppchen vun enger Téikärz, Reecherdäppchen. (nämlecht wéi e Reecherstäbchen, just méi kleng)

Schneid de Buedem vun der Këscht erof.

Schneid aus dem Buedem e Rechteck a rull en zu engem Schaaschtech. Pech en an oder ronderëm déi ronn Öffnung vun der Këscht. Wann den «Daach» vun der Këscht schif ass, da muss du de Schaaschtech och schif ofschneiden, fir datt en herno riicht steet.

Mol deng Hütt faarweg a pech evtl nach Stärren oder Glitzersteng drop.

Stell e Reecherdäppchen an d'Dëppchen, fänk en un a stell d'Hütt driwwer. A scho richt et herrlech no Chrëschttag!

Schneid de Buedem vun der Këscht erof.




Mol Fënsteren an Dire mam Stëft op a schneid se aus.



Houschtsirup



1 Wäsch Wuerzelen (oder e schwaarze Wantermierréidech). Schneid se an dënn Rondelen (net schielen).



2 Wei genee esou vill brongen (oder wäissen) Zocker, wéi s du Wuerzelen hues. (z.B. op 100 g Wuerzel hëls de 100 g Zocker)



3 An engem déiwen Teller tessels du lo ofwiesselnd eng Couche Rondelen an eng Couche Zocker bis de alles verbraucht hues.



4-5 2-4 Kaffisläffele vun dësem Sirup pro Dag hëllefe super géint Halswéi, Houscht a Bronchite.

6 De Sirup versuergt sech am beschien am Kicheshaf e Wanter laang.



Grujelsirup

Kee Witz! Dat hei ass e Rezept vun der Bomi an hëlleft bei Houscht a Bronchite.




E groussen orange Schleek ...



... gouf an en Téisiff iwvert engem Glas geluet an da vill Zocker dropgestreet.



Lues a lues huet een am Glas en orange Sirup gesinn. De Schleek gouf ëmmer méi kleng a wann e sou grouss war wéi en Dattelkär, war de Sirup fäerdeg.



Maacht dat weg net no!



D' BËSCHVULLER

Markoller



Photo: Luc Viatour

Eechelen



Photo: Parkona

Buchecker



Photo: Tortuosa

Käizchen



Dommenéck

Photo: G. Laineau



Spannen

Photo: Lucarelli



Insekten, kleng Mueden

Photo: Roland Hertelsh

Läischer

Photo: Gur1975



Mëspelt

Photo: Semnoz



Mëspelt

Photo: Nova



Maiskinnek

Photo: Robert Jorck



Insekten
ënnert de
Blieder

Photo: Guido Guerdina



Oureschlëffer,
Blatlais...

Photo: Puddincherains



...Schnaken,
Mécken,
Seechomessen

Photo: Guido Guerdina



am Winter

Photo: Eddy Van Zand



Mees



Spréiw



Photo: Sławomir Staszczuk

An ech hunn am léifsten Insekten! A wann et am Winter net anescht geet och alt mol Som.



Poufank



Buchecker



Photo: Rasmah

Buchecker



Photo: Bernard Bisner



Bontspiecht

Mueden enner de Bamschuelen



Photo: Friedrich Böhlinger



Maison Relais Fréiseng:

De Panewippchen am Interview mam Véronique Wildgen, Kächin an der Maison Relais zu Fréiseng a verantwortlech fir de Gaart.

PW: Moie Véronique! Wéi has Du d'Iddi fir dee Gaart mat de Kanner ze maachen?

VW: Wann ech mat de Kanner iwwert d'lesse geschwat hunn, da wossten d'Kanner zwar, datt d'lesswueren aus dem Buttik kommen, mee dacks net, wéi a wou d'Sache wuessen a wéi se zoubereed ginn. Ech selwer sinn op engem Bauerenhaff grouss ginn, a wor gewinnt, frëscht Geméis an Uebst aus dem Gaart um Teller ze hunn. Do ass mer d'Iddi komm, datt en eegene Gaart eng gutt Méiglegkeet ass, richteg kënnen „ze erliewen“, wéi d'Saache geplanzt ginn, wéi se wuessen a wéi se recoltéiert ginn.

akafen



PW: Wéi ass de Gaart dunn entstanden?

VW: Nodeems d'Iddi fir e Gaart unzeleeën stoung an d'Gemeng an d'Direktioun eis an dëser Iddi ënnerstëtzt hunn, ass et drëm gaangen, de Projet Gaart praktesch ëmzesetzen. Aus eegener Erfahrung wosst ech, wéi vill Aarbecht et ass fir en Terrain fir e Gaart virzebereeden. Dofir hu mer dat dunn zesumme mat der Ënnerstëtzung vun der Landjugend! Süden am Kader vum Projet „Landjugendpower“ gebaut.

am Buedem triwwelen



PW: Wat gëtt dann d'Joer iwwer am Gaart gemach?

VW: Am Fréijoer gi mer mat de Kanner op de Maart d'Planze kafen. Duerno gëtt zesumme geplanzt a geséit. D'Kanner hëllefden de Gaart an der Rei ze halen: si nätzen a rappen Onkraut ... No an no, wann d'Saachen zeideg sinn, gi se och vun de Kanner erageholl a verschafft. Am Wanter gëtt et manner ze dinn. Mir bereede just de Buedem fir déi nächst Saison vir.

eise Schoulgaart

planzen



*Landjugend: www.jongbaueren.lu
veronique.wildgen@elisabeth.lu

Dat ass eise Gaart!



PW: Flott! Mee gëtt et da keng Aarbechten, déi d'Kanner net gäre maachen?

VW: Neen, am Fong net. Jiddferee kann eppes am Gaart maachen, wat him Spaass mécht. Di eng puddele gäre mam Waasser an nätzen dofir gären, di aner wëllen am Léiwsten a Rou eppes kniwelen, a fir déi ass Onkraut rappe vläicht dat Richtegt, anerer fannen et super intressant all déi kleng gefrësseg Krabbeldéieren, wéi Raupen oder Schleeken anzesammelen, fir se op eng aner Plaz auszusetzen. Dat mécht ville Kanner Spaass, besonnesch di schéi faarweg Raupen hu grouse Succès. No an no hunn d'Kanner och manner Ekel oder Angscht virun dësen Déieren.

Ausserdeem ... et mécht bal all Kand Freed, am Buedem ze buddelen a sech dreckeg ze maachen

...



Onkraut rappen?

PW: Wat wiißt an ärem Gaart?

VW: Mir hu Blummen, Geméis an och e bëssen Uebst. Bei de Blummen hu mer Sonneblummen, wëll Blummen, mä och Kar, wéi Weess a Geesch. Beim Geméis: Tomaten, Courgetten, Kalbassen, Zelleri, Brokkoli, rouden a spatze Kabes, Zaloten, Kraider, Ënnen Soss nach Äerdbeer a Rubarb.



Kachen a brachen



PW: Wat maacht dir mat de Saachen aus ärem Gaart?

VW (laacht): Mir maachen Atelieren, wou mer mat de Kanner mat de Saachen aus dem Gaart Zoppen, Zaloten, Geméis an Desserte virbereeden. An - dat stëmmt wierklech - d'Kanner soen, datt hinnen d'Zalot aus eisem Gaart am Beschte schmaacht.

eranhuelen



Kannergemengerot Jonglënster!

Interview mam Jean Estgen, 11 Joer, Schüler am Cycle 4.2

PW: Wat ass de Kannergemengerot (KGR) eigentlech?

Jean: An all Schoul vun onser Gemeng gi Wahlen ofgehalen, wou d'Kanner kënnen een oder méi Verrieder wielen, déi sech dann am KGR treffen. Héi gëtt diskutéiert, wat mir Kanner net gutt fannen an der Gemeng. Duerno schloe mir dann der Buergermeeschtesch fir, wat mir wëlle geännert hunn.

PW: Du sees et gëtt een an de KGR gewielt. Wéi geet dat?

Jean: Am Ufank vum Schouljoer gi Wahlen ofgehalen. Hei kënnen all d'Schüler aus de Cyclen 3.2 a 4 hir Kandidatur stellen; si mussen awer net. Et gëtt 1 Kand pro Klass gewielt.

PW: Wéi eng Virschléi huet de KGR der Gemeng Jonglënster da schonns gemaach?

Jean: Mir hu schonns ganz vill iwvert de geféierleche Schoulwee diskutéiert; well d'Autoe stinn ëmmer um Trottoir, wann d'Kanner mueres an d'Schoul ginn. D'Gemeng huet awer nach keng richtig Léisung fonnt; do musse mir nach dru schaffen. Mir hunn awer och eng nei Spillplaz niewent der Spillschoul gefrot. Déi al Spillplaz gouf virun enger Zäit ewechgeholl an déi vun der Spillschoul ass zimlech langweilig fir déi méi grouss Kanner. Dofir hu mir eng cool Spillplaz mat Seelbunn a flotte Kloterspiller op der Wiss niewent der Spillschoul gefrot. D'Gemeng huet och nach e megacoolt Waasserspill doniewent opgeriicht a lo hu mir eng super Spillplaz, déi vun alle Kanner genotzt ka ginn.

PW: Gëtt dann all Projet, deen de KGR virschléit, och vun der Gemeng ëmgesat?

Jean: Neen, leider net. Mir hate gefrot fir Schoulmëllech ze kréien awer mir krute gesot, datt d'Léierpersonal dogéint wier; ech fannen dat schued a mengen, mir hätten méi misste mat de Jofferen an de Schoulmeeschter driwwer schwetzen. Wat awer ganz gutt ass, ass datt mir elo an der Schoul ëmmer frëscht Uebst kréien.

PW: Wëlls du awer weiderhin am KGR matschaffen?

Jean: Ah jo, ech hu meng Kandidatur fir déi nächst Wahle schonns nees gestalt.

PW: Jean, mir soen dir Merci fir den Interview.

PW: Firwat hues du deng Kandidatur gestalt?

Jean: Èt goufen e puer Saachen, déi mir net esou gutt gefall hunn a wou ech gemengt hunn, datt een eppes ännere misst. Ech hu mat de Kollegen an der Schoul geschwat an hu mech du fir de KGR intresséiert.



PW: Wéi oft trefft de KGR sech am Joer?

Jean: 4 bis 6 mol.





„Helena, wéi geet et dir?“ „Ma, ganz gufft!“

D'Helena huet 10 Joer. Hatt huet keng Geschwëster a wunnt mat sengen Elteren an engem Appartement an enger Stad. Hatt geet gär an d'Schoul a well seng Eltere schaffen ass hatt den Dag iwwer an der Maison relais, wou hatt vill Kollegen huet. D'Helena huet en Hond an zwee Mierschwéngercher, a mat sengen Déieren ass hatt richteg frou. Hatt huet och eng ganz gufft Frëndin, déi mat him an déi selwecht Schoul geet. Si gesi sech virun allem de Weekend an da schlofe si mol bei deem engen, mol bei deem aneren. Am léifste si si awer beim Helena, well do leie si zesummen um Canapé a schnabbelen. An natierlech spille si och gär mat den Déieren. Si ginn och heiansdo mam Papp en Tour duerch d'Stad maachen, wann den Hond nach raus muss. An de Papp weess zu ville Gebaier a Plazen, déi um Wee leien, eng Geschicht ze erzielen, mol ass se wouer, mol erfennt, mee dat ass egal, well et ass

ëmmer rëm spannend a sou kenne si hir Stad och gufft. Am Fong féinnt d'Helena seng Elteren zimlech cool: si lauschteren him no a respektéiere seng Meenung. Dat heescht zwar net, datt et ëmmer geet wéi hatt wëllt, mä datt hatt dierf seng Meenung zu Saache soen. Wann hatt eppes net dierf, ass hatt eng Zäitchen déck motzeg, mä hat weess och, datt seng Eltere probéiere fair mat him ze sinn. Wéi hatt wollt an en Danzcours goen, huet seng Mamm him erkläert, datt dat ze vill gétt, well hatt geet jo och nach Fussball an Theater spillen, an ze deier wier et och nach. Haut weess hatt, datt si Recht hat, an ausserdeem Theater spillen ass vill méi flott wéi tanzen, mengt d'Helena. Och am Alldag dierf hatt matbestëmmen: hatt dierf seng Kleeder mat eraussichen oder Saache fir a säin Zëmmer, mä och fir d'Stuff oder d'Kichen. Hatt huet och senger Mamm gehollef, wéi si d'Kichen nei ugestrach huet an déi rout Sträifen un der Mauer wore seng Iddi!

D'Helena spillt an der Theatergrupp vun der Schoul. Zweek Mol d'Joer hu si eng Opféierung. Dat ass ëmmer ganz schéin opregend: déi vill Leit, déi grouss Bühn, d'Scheinwerfer ... mä haut weess hatt, datt hatt dat kann an hatt weess och, datt jiddereen opgereegt ass fir op d'Bühn ze goen. Seng Elteren a seng Frënn kommen ëmmer kucken, wann hatt op der Bühn steet, a wa si him dann applaudéieren dann ass hatt richteg glécklech. Obwuel hatt Fussball an Theater spillt, huet hatt nach genuch Zäit fir sech an do ass hatt nawell gär an alleng mat senger Bicher a senger Molsaachen a sengem Zëmmer. Virum lesse kuckt hatt nach eng Serie, déi seng Frëndinnen och all kucken, hatt muss jo och wesse wat leeft fir do kënne mat ze schwätzen. Nom lesse gétt beim Helena doheem seelen d'Tële gekuckt: seng Eltere lauschte léiwere Musik a beschäftege sech mat aner Saachen: si liesen, bastelen, spille mam Hond dobannen oder dobaussen oder et gétt ganz einfach zesumme gepotert.



MAACH EPPES!

well du kanns eppes beweegen!

Dat geet mer déck op de Keks!

Den Alberto fiert moies gäre mam Vëlo an d'Schoul. Mee neierdëngs ass an der Stad moies sou vill Verkéier, datt et ze geféierlech ass, fir de Vëlo zu huelen. Dem Alberto seng Eltere wollten dunn, datt hien elo de Bus hëlt. Wéi den Alberto an der Schoul dovunner erzielt huet, ass erauskomm, datt och vill aner Kanner wéint dem Verkéier Angscht hunn, egal ob se ze Fouss ënnerwee sinn oder mam Vëlo.

Hier Léierin huet du mat Elteren

d'Iddi kritt fir zesumme mat de Kanner Ënnerschrëften ze sammelen, datt hiere Quartier eng „Zone 30 km“ kritt. Wéi si 250 Ënnerschrëften haten, huet hier Klass déi Lëscht der Buergermeeschtesch perséinlech iwwerreicht. Déi huet hinnen du versprach déi Saach an de Gemengerot ze bréngen.

Den Alberto ass gespaant, ob sech eppes ännert. An hien ass houfreg op sech, well hien huet sech an eppes agemëscht wat hien ugeet an erreicht, datt sech eppes beweegt.





...AN HU FREED

Roby, wéi geet et dir? „Jo, et geet!“

De Roby huet 10 Joer. Hie wunnt zesumme mat sengen Elteren a sengem klengen Brudder vun 3 Joer an engem Haus no bei der Stad. De Roby huet ee richteg gudden Frënd, de Jan, mä dee gesäit hien net esou dacks, well hie sou wéineg Zäit huet. Wann hien aus der Schoul kënnt, muss hie fir d'éischt mol léieren. Duerno geet et entweder op de Fussballtraining oder an d'Museksschoul, Solfège a Pianosstonnen. Seng Eltere wëllen datt hie vill ënnerschiddlech Saache léiert a gudd an der Schoul ass, well dat wär wichteg fir seng Zukunft. De Roby spillt supergär Fussball, do ass hien dann och richteg gudd an dofir spillt hien d'Weekender off Matcher.

Mat dem Pianosgeklimper ass hien net esou frou, well hie géif léier Batterie spillen. Leider bleift do wéineg

Zäit fir mam Jan skaten ze goen oder mat him um Computer ze spillen. Dat fanne seng Elteren awer souwisou net esou gudd. Säi Papp seet him ëmmer rëm, datt hie soll eraus an de Gaart goen fir mat sengem klengen Brudder ze spillen. Dat nerft de Roby zimlech ... an ausserdeem, seng Eltere sëtze jo och dacks virun der Tële.

Heiansdo gëtt dem Roby datt alles ze vill. Virun allem da wa seng Elteren hannendru sinn, fir datt hie soll léieren. Dofir huet hien d'Flemm mat der Schoul. Dem Roby seng Eltere sinn oft gestresst, well si schaffen vill a meeschtens bleift net vill Zäit fir eppes mateneen ze ënnerhuelen.

Säit e puer Wochen huet de Roby moies oft de Bauch wéi, am schëlmmsten ass et Méindes, wann d'Schoul rëm ugeet.

Seng Mamm war dowéinst scho mat him beim Dokter, deen huet zwar näischt fonnt, mä deen huet dunn awer gefrot, ob de Roby Stress an der Schoul hätt. Hien huet senger Mamm erkläert, datt Bauchwéi och ka kommen, wann ee sech onwuel fillt oder Angscht virun eppes huet, an datt een do misst

iwwerleeën, wat ee kéint maache fir datt et dem Roby erëm besser geet. Do huet seng Mamm sech richteg Suerge gemaach an huet mam Schoulmeeschter geschwat. Deen huet dunn de Roby a seng Elteren op e Gespréich invitéiert.

De Roby hat schon e bëssi Angscht virun deem Gespréich. Si hu laang matenee geschwat. A wéi dunn de Schoulmeeschter sengen Elteren erkläert huet, datt hie ganz gudd an der Schoul matkënnt, och wann hie mol heiansdo schlecht Punkten huet, an datt de Roby och mol Zäit bräicht fir ze spillen an ze raschten, do wor hien dann awer ganz verwonnert. Hien huet nämlech ëmmer geduecht, datt de Schoulmeeschter nëmmen duerno kuckt, wie gudd léiert.

A wat nach vill besser ass ..., dem Roby säi Papp spillt lo heiansdo mat him a sengem Bruder zesumme Fussball am Gaart!



Gesond sinn a sech gudd fillen ass méi, wéi „net krank“ ze sinn. Et fillt ee sech wuel, wann ee Frënd huet, wann een Zäit huet fir ze spillen, wann ee mol ka seng Rou hunn, wann een Elteren huet, déi „Verstees-de-mech“ hunn, wann een no senger Meenung gefrot gëtt, wann ee ka matmaachen, wann een net muss fäerten a wann een eescht geholl gëtt. An do ass et net esou wichteg ob ee scho „grouss“ ass oder nach „kleng“ ass.

MENG MEENUNG ASS WICHTEG!



De Cyril ass 10 Joer al a seng Eltere si virun 1 Joer gescheet ginn. Hie wunnt bei senger Mamm, mä hie geet all zweete Weekend bei säi Papp an och heiansdo an der Woch. Ier dat esou vum Geriicht decidéiert gouf, ass de Cyril vun der Richterin ëm seng Meenung gefrot ginn. Fir hie war kloer, datt hie wollt bei senger Mamm bleiwen. Mee hie wëll säi Papp och regelméisseg gesinn. Säi Papp schafft vill am Ausland an huet vill manner Zäit fir sech ëm hien ze këmmen, ausserdeem ass hien an en aneren Deel vum Land geplënnert an den Cyril wollt gäre bei senger Kollegen bleiwen.

Fir den Cyril war dat alles ganz schwéier, mä hien ass frou, datt näischt iwwert säi Kapp decidéiert ginn ass an datt d'Richterin hie sou vill Saache gefrot huet an him genee nogelauschert huet a säi Wonsch berücksichtig huet.

Wann s du mengs, datt deng Rechter net respektéiert ginn, da kanns du dech melle beim

Ombuds-Comité fir d'Rechter vum Kand 2, rue Fort Wallis L-2714 Lëtzebuerg
Telefon: 26 123 124
Fax: 26 123 125

UM LIEWEN

DU HUES RECHTER!

All Kanner ronderëm d'Welt hunn di selwecht Rechter. Dat sinn der am ganzen 54 an déi stinn an engem Vertrag, deen déi Vereenten Natiounen opgesat hunn an dee bal all Länner ënnerschriwwen hunn. Hei e puer Gesetzer, déi wichteg sinn:



All Kanner hunn déi selwecht Rechter, an et dierf keen anescht behandelt oder ausgeschloss ginn.



All Kand huet d'Recht gesond ze liewen a keng Nout ze leiden.



All Kand huet d'Recht op Respekt a Privatsphär.



All Kand huet d'Recht bei sengen Elteren ze liewen a Kontakt mat der Mamm a mam Papp ze hunn.



All Kand huet d'Recht op Bildung, fir an d'Schoul ze goen an eng Ausbildung ze maachen, di senge Fäegkeeten entsprécht.



All Kand huet d'Recht op Schutz viru Gewalt, Mëssbrauch an Ausbeutung.



All Kand huet d'Recht fir bei Saachen, déi hat eppes uginn, no senger Meenung gefrot ze ginn.




All Kand huet d'Recht ze spillen, kreativ ze sinn a sech ze erhuelen.



All Kand huet d'Recht op Hëllef a Fleeg, wann et krank ass.



Manche Kinder dürfen nicht in die Schule gehen, weil die Eltern kein Geld haben. Andere müssen zu Hause helfen und darum können sie auch nicht in die Schule gehen. Aber es gibt auch Kinder, die nicht in die Schule gehen wollen. Sie finden Schule langweilig. Ich gehe gerne in die Schule und lerne gerne, aber manche Kinder eben nicht.



All Kand huet e Recht op Schutz am Krich.



Alle Kinder haben das Recht auf Schutz, wenn es Krieg gibt. Es gibt Kinder, die in den Krieg gehen, auch wenn sie es nicht wollen. Das ist falsch.

D'Zeechnungen an den Text bei den Zeechnunge kommen aus dem Projet «Kannerrechter» aus der Brillschoul. D'Kanner aus dem 3. Schouljoer hunn Texter iwwert Kannerrechter geschriwwen. Déi hu se de Kanner aus dem Pécoce virgelies an déi hunn dunn d'Billen dozou gemoolt. De Projet ass gemaach gi vun: Mme Arena, Mme Cabirol, Mme Cantoreggi, Mme Feipel, M. Kremer, Mme Mathias-Bezzi, Mme Raglewski.»



Das Recht auf:
Hautfarbe - Geschlecht - Religion - Nationalität



Leider ginn d'Rechter vun de Kanner awer ëmmer nach mat Féiss getrëppelt! Ech denken dobäi un d'Kannerzaldoten oder Kanner, déi schaffe müssen an net d'äerfen an d'Schoul goen oder Kanner, déi net dobäi sinn an ausgeschloss ginn, well se eng Behënnerung hunn oder arem sinn. Dofir musse mer guft dorobber oppassen, dat déi Rechter respektéiert ginn, uechter d'Welt an och bei eis!





CSI Natur

Gëschter ass dëse Bréif an ons Bréifkëscht geflu komm.

Onsen Expert Sherlock M. Panewupp huet sech d'Fotoen op d'Long gezunn an hei ass säi Rapport.



IMPRIME ATR
P/77.012

de Panewippchen
'...däe'

Gudde Moie Panewippchen

Ech hunn an engem
Flichtgebitt op 2 Plaze
ganz vill Plomme fonnt
(kuck d'Fotoen).
Wat ass do geschitt?


Bescht Gréiss,
Kätti



Hei ass eng Dauf geplëmmt ginn. Ganz gutt ze gesinn ass, datt d'Plommen duerchgebass gi sinn. Responsabel war also een Déier mat Zänn: entweder e Fuuss oder ee Marder.



Hei sinn d'Plommen ausgerappt ginn. An dësem Fall ass de Schëllegen also e Gräifvull. A Fro komme Käizchen (och Sperber genannt), Huer a Spuervull. Geplëmmt ginn ass wahrscheinlech eng Märel.



Käizchen Sperber

E bësse méi kleng wéi eng Dauf. Hien ass am ganze Land ze gesinn, a baut säin Nascht gär an Nolebëscher.



Foto: Jang Schock



Huer oder Héngerdëif Habicht

Ongefëier déiselwecht Gréisst wéi e Bussar (dee Gräifvull, deen dacks iwert de Felder kreest). Den Huer lieft a grouse Lafbëscher. Hien ass



Foto: Jang Schock



leider ganz rar zu Lëtzebuerg ginn.

Spuervull Wanderfalke

Ongefëier déiselwecht Gréisst wéi eng Dauf.




Foto: Georges Lignier

De Spuervull baut säin Nascht a Fielswänn. Hie war schonns ganz zu Lëtzebuerg verschwonnen, mä ass an de leschte Joeren erëm zrëck bei ons komm.

